# duerchbléck!

Politik verstoen Nr. 7

ZpB
Fondatioun
Zentrum fir
politesch Bildung

M E M O

## MEMORIES
## Erënnerungs-kultur(en) zu Lëtzebuerg

Version
DE/FR/ENG
www.zpb.lu

Eng Auswiel vu Material op Lëtzebuergesch

# Contenu


## POLITIK AKTIV

4 Impulser
5 Vergaangenheet am Kapp
6 Erënneren an der Zukunft
7 Formen a Wierkungsgrad
8 Baut iech äert Monument: *Journée de commémoration nationale* 2055

## POLITIK LÉIEREN

14 Stroosse voller Fräiheet
16 Stomm Zeien?
18 Vun der *Gëlle Fra* zur Golden Lady
20 Weeër vum Erënneren
21 Feier- a Commemoratiounsdeeg
22 Erënneren am Mount Mee
23 Commemoratiounsfeieren an der Diktatur
24 Bock op Fake?
26 Industrial brand
28 D'Shoah zu Lëtzebuerg: Nëmmen Erënneren …?
29 … oder och Handelen?
30 Erënneren un de Krich
32 „Gestierzt" Denkmaler

34 Impressum

# Weider ZpB-Offeren zum Thema Mémoire a Verantwortung

**All eis Offeren zum Thema Mémoire kann een op www.zpb.lu an iwwert dëse QR-Code fannen.**



### Centre Cinqfontaines. Lieu de mémoire et centre éducatif

Den ZpB bidd Schoulklasse Workshops iwwert d'Shoah um Lieu de mémoire Fünfbrunnen un.

cinqfontaines.lu




### duerchbléck! Nr. 10, Konscht an Demokratie

Dës pädagogesch Broschür geet op Geschicht a Mémoire an der Konscht an an der Literatur an, souwéi och op Architektur a Monumenter.

Sprochen: DE, FR

http://www.edulink.lu/3rx3




### 50 Faces, 50 Stories

An dëser Box ginn iwwer 50 Krichsbiographien presentéiert. D'Material läit souwuel an digitaler Form wéi och als Printversioun vir. Et erméiglecht, verschidden Themen a Perspektiven am Zesummenhang mat de Lëtzebuerger Krichs-erfarungen ze entdecken an ze erschaffen.

Sprochen: DE, EN, FR




### Den 2. Weltkrich zu Lëtzebuerg

D'Broschür riicht sech un all déi, déi un der Geschicht vu Lëtzebuerg während dem Zweete Weltkrich interesséiert sinn. Eng pädagogesch Brochure fir de Secondaire ass och online oder als Printversioun verfügbar.

Sprochen: DE, FR, EN, LU


# Impulser

## Vergaangenheet am Kapp

40 Min.
—
Vun 12 Joer un
—
Tëschent verschiddenen Aarte vun Erënnerungsritualer ënnerscheeden. Dës Aféierungsübung soll de Schüler*Schülerinne virun Ae féieren, datt Gruppe vu Leit Erënnerungen deelen, déi mat bestëmmten historeschen Evenementer zesummenhänken.
Esou sollen d'Schüler*innen d'Méideitegkeet vum Begrëffspuer „historescht Erënneren" an „Erënnerung" besser verstoen.

**Oflaf:**
D'Klass gëtt opgefuerdert, allkéiers a Véierergruppen en ëffentlecht-kollektiivt an e privat Erënnerungsritual unhand vum Mindmap ze verdäitlechen.
Dono ginn d'Resultater am Plenum presentéiert. Den Enseignant oder d'Enseignante hält dobäi an enger Lëscht um Flipchart oder op der Tafel an zwou Kolonnen ëffentlech (dobaussen an der Ëffentlechkeet, op Stroossen oder Plazen asw.) a privat (z. B. an der Famill oder ganz perséinlech) Forme vun Erënnerungsritualer fest. Dat verdäitlecht de Schüler*innen, wéi d'Erënnerung u Vergaangenes sech privat, ëffentlech oder kollektiv manifestéiere kann.

**Wourun erënnert dir iech?**
Ergänzt de Mindmap.


MAT WIEM?
WÉINI? FIRWAT?
WOU?
WIEN?
Vergaangenheet am Kapp
ERËNNERUNGSRITUAL
doheem
öffentlech
Famill
Ech
alleguerten zesummen

## Erënneren an der Zukunft

50 Min.
—
Vun 12 Joer un
—
Wichteg zäitgenëssesch Evenementer a Persoune fir d'éischt identifizéieren a sech dann domat auserneesetzen

**Oflaf:**
Den Enseignant oder d'Enseignante fuerdert jiddereen an der Klass dozou op, e Steckbréif iwwer eng Persoun, en Evenement oder en Uert opzestellen. De Steckbréif kann natierlech och eng Kombinatioun vun den dräi Themen duerstellen. Déi zentral Fro soll follgend sinn: Wat fir eng Persoun, wat fir en Evenement oder wat fir en Uert kéint aus der haiteger Perspektiv an Zukunft memorabel sinn? Di Jugendlech sollen doduerch e Bewosstsinn dofir entwéckelen, datt Gedenken och ëmmer d'Resultat vun engem Prozess ass.

**A 50 Joer wëll ech mech erënneren un …**
Stellt iech vir: Am Joer 2075 sidd dir Buergermeeschter*in an ärer Gemeng a wëllt eng Erënnerungsfeier organiséieren oder en Denkmal opriichten. Wourun erënnert dir iech?

**PERSOUN ○ / UERT ○ / EVENEMENT ○**

Numm

Alter

Beruff

Uert / Land

Steet fir

Memorabel, well

Esou soll erënnert ginn

**Fir Spezialistinnen a Spezialisten:** Eng Gesellschaft ass am stännege Wandel. Wie wäert sech ärer Meenung no am Joer 2075 nach un déi Persounen, Uerter an Evenementer, déi dir virgestallt hutt, wëllen erënneren? Wie méiglecherweis net? Aus wat fir engem Grond? Warum?

## Formen a Wierkungsgrad

50 Min.

—

Vun 12 Joer un

—

Verschidde Forme vum Erënnere kenne léieren a sech mat hirem Wierkungsgrad auserneesetzen

Monument
Bibliothéik
Spillfilm
Dokumentarfilm
Digitale Musée
Feierdag
Architektur
Fotoalbum
App

Zweete Weltkrich
Wëssen archivéieren
Feierdag
privat Erënneren
Migratioun
Flucht
*Rout Bréck* (*Pont Grande-Duchesse Charlotte*)

❶ ____________________



❷ ____________________



❸ ____________________




❹ ____________________







❺ ____________________

❻ ____________________



❼ ____________________







❽ ____________________



❾ ____________________

**Wierkungsgrad**

Foto ❶: ○ ○ ○ ○ ○
Foto ❷: ○ ○ ○ ○ ○
Foto ❸: ○ ○ ○ ○ ○
Foto ❹: ○ ○ ○ ○ ○
Foto ❺: ○ ○ ○ ○ ○
Foto ❻: ○ ○ ○ ○ ○
Foto ❼: ○ ○ ○ ○ ○
Foto ❽: ○ ○ ○ ○ ○
Foto ❾: ○ ○ ○ ○ ○

- Sammelt Informatiounen zu den uewe genannte Beispiller an haalt dës mat Stéchwierder fest.
- Uerdent all Foto zwee Begrëffer zou: d'Thema vun der Erënnerung an d'Form vun dëser Erënnerung (een Thema kënnt direkt dräimol vir).
- Uerdent dono op enger Skala vun 1 bis 5 d'Forme vun der Erënnerung hirem Wierkungsgrad zou. (1 = am mannste Bedeitung fir iech; 5 = wierkt am stäerksten op iech). Begrënnt är Bewäertung.

# Baut iech äert Monument: *Journée de commémoration nationale* 2055

| | |
|---|---|
| **Themeberäicher** | Entworf vun engem Zukunftszenario, Sensibiliséierung fir d'Erënneren an der Géigewaart an an der Zukunft |
| **Kompetenz** | Handlungs- an Urteelskompetenz, Kreativitéit |
| **Dauer** | 6 x 50 Min.; eegent sech och fir e Projetsdag / eng Projetswoch |
| **Methoden** | Zenario-Method, Konzipéieren an Analys vun engem Denkmal an dem entspriechende Feierdag, Perspektivewiessel |
| **Ressourcen** | Kopéiervirlagen an Zeecheblieder, Stëfter oder Tablet |
| **Léierziler** | D'Schüler*inne sollen unhand vun der Zenario-Method e Konzept zur Gestaltung vun engem „neie" Commemoratiounsdag fir all d'Bewunner*inne vu Lëtzebuerg an eng entspriechend materiell oder digital Erënnerung entwerfen. Op Basis vun der aktueller gesellschaftspolitescher Lag gi méiglech Zukunftsbiller entworf. 2025 hat d'Land 681.973 Awunner*innen; Net-Lëtzebuerger*inne maachen circa 48 % vun der Populatioun aus, bal d'Halschent vun der Populatioun résidente ass am Ausland gebuer (STATEC 2025). D'Method eegent sech, fir ëmfaassend a längerfristeg Froestellungen ze behandelen. Wat d'Methodologie ugeet, léiert d'Klass d'Zenario-Method kennen. Inhaltlech kënne se sech kreativ a kritesch mat Erënnerungsformen an der Zukunft auserneesetzen, déi dem Respekt vun demokratesche Prinzippie Rechnung droen. D'Klass erkennt bei der Beaarbechtung vun de Froestellungen, wéi Erënnerung an der Zukunft kéint ausgesinn an awéiwäit se d'Gesellschaft vun haut erëmspigelt. |
| **Oflaf** | Déi zentral Fro bei der Beaarbechtung vun der follgender Method ass: Wéi soll dat zukünftegt kollektiivt Gediechtnes vun engem Land ausgesinn, an deem, bal 75 % vun der Populatioun e Migrationshannergrond hunn (STATEC, Vollekszielung 2021). Bal 50 Prozent vun den Awunner*inne vu Lëtzebuerg sinn zurzäit Net-Lëtzebuerger*innen. |
| **1. Schrëtt: Virbereedung** | 1. Féiert d'Klass fir d'éischt unhand vun engem Impuls vun ärer Wiel an d'Thema an<br>2. Op Basis vun der Kopéiervirlag 1 solle sech d'Schüler*inne fir d'éischt spontan zum Thema *Journée de commémoration nationale* ausdrécken. Esou kritt een e Bild vun hire Virstellungen, dat no enger Verdéiwungsphas (Schrëtt 2-5) kritesch reflektéiert gëtt. |
| **2. Schrëtt: kreativ Phas** | 1. Deelt elo d'Klass a Véierergruppen an. Unhand vun der Kopéiervirlag 2 entwéckelt all Grupp e Konzept zu engem Commemoratiounsdag fir d'Bevëlkerung zu Lëtzebuerg an dat entspriechend Denkmal.<br>2. Uschléissend ginn d'Resultater an der Klass presentéiert a verglach. Wat fir eng Gemeinsamkeeten an Ënnerscheeder kann ee feststellen? |

**3. Schrëtt: Analys vum Problem an aktuellen Zoustand**

Elo ginn zu de Konzepter, déi d'Klass entwéckelt huet, géigewäerteg Fakten an Entwécklungsfacteuren als Basis erugezunn. Dëst geschitt unhand vun der Kopéiervirlag 3. Wéi gesäit den aktuellen Zoustand aus a firwat kéint deen als problematesch empfonnt ginn? Wéi wäert sech d'Bevëlkerung zu Lëtzebuerg viraussiichtlech an den nächste Joerzéngten entwéckelen? Wat fir en Afloss huet dësen demografesche Wandel op d'Commemoratioun?

### 4. Schrëtt: Entwécklung vun Zenarioen

Elo geet et drëm, aus den Erkenntnisser an Asiichten déi zwee Extremzenarioen zum Thema *Journée de commémoration nationale 2055* ze entwéckelen: en Zenario 1 (Parallelgesellschafte gi gestäerkt, Schéier tëschent Auslänner*innen a Lëtzebuerger*inne geet weider auserneen, Bevëlkerungsgruppen driften auserneen amplaz zesummenzewuessen) an en Zenario 2 (gemeinsaamt „Mir-Gefill", Solidaritéit, sozial Kohäsioun si gestäerkt, Lëtzebuerg erfënnt en neit, villfältegt Gedenken, dat sech beméit, jiddereen mat an d'Boot ze huelen). D'Klass soll vun Ufank un d'Méiglechkeet kréien, a béid Richtungen ze denken. Den Enseignant oder d'Enseignante soll dorop uechten, méiglechst net wäertend anzegräifen, ausser wann eenzelner bei der Ausschaffung fundamental demokratesch Prinzippien (Dignitéit, Mënscherechter, Gläichheet, Fräiheet asw.) a Fro stellen.

Et ginn zwou Manéieren, fir virzegoen: Entweder elaboréiert all Grupp en Zenario 1 an 2 oder d'Hallschent vun de Gruppe schafft jeeweils op engem vun deenen zwee Zenarioen. D'Schüler*inne presentéieren uschléissend hir Resultater schrëftlech, a Form vun engem fiktive Pressecommuniqué an engem Zeitungsbericht (Kopéiervirlag 4). Hei geet et ëm de Perspektivewiessel, wou et gëllt, d'Feierlechkeeten eng Kéier aus der Optik vun der Organisatioun an eng Kéier aus der Siicht vun der Press duerzestellen.

### 5. Schrëtt: Auswäertung an Handlungsempfeelungen

Unhand vun den Zenarioe gi schliisslech konkret Mesuren a Strategië geplangt a festgeluecht.

D'Zukunftsbiller, déi an de Pressecommuniquéen duergestallt ginn, ginn unhand vun de follgenden zentrale Froen diskutéiert:

- Sinn d'Zenarioe vollstänneg? Si se schlësseg? Wat feelt? Méiglech Lücke gi mat Fantasie a Kreativitéit geschloss.
- Wie kann eppes maachen? Wie sollt eppes maachen (z. B. Politik, Wëssenschaft, Ekonomie, Bevëlkerung, Zivilgesellschaft asw.)?
- Wat muss oder soll fir d'éischt gemaach ginn? Wat fir eng weider Schrëtt mussen/sollen dono kommen?
- Ofschléissend ginn déi ursprénglech Entwërf zum Oflaf vun der *Journée de commémoration nationale* 2055 an dem entspriechenden Denkmal nach emol iwwerschafft a jee no Erkenntnis un den Zenario 1 oder 2 ugepasst.

# Politik an Erënnerung: *Journée de commémoration nationale* ①

D'Bevëlkerung vun enger Stad, enger Regioun oder enger Natioun erënnert sech zesummen, op ausgewielten Erënnerungsuerter, u bestëmmt historesch Evenementer oder Persounen. Esou Kollektiver hu kee gemeinsaamt Gediechtnes u sech, mee se schafe sech eent mathëllef vu Rieden, Texter, Denkmaler, engem Joresdag an/oder Ritualer. Hei spille Symboler an ëmmer déi selwecht Ofleef eng wichteg Roll. D'Erënnere gëtt esou iwwer Generatiounen ewech iwwerliwwert an identitéitsstëftend.

De Begrëff „Erënnerungsuert" bezeechent vill méi ewéi just reng Uerter. Gemeinsam Erënnerunge kënne sech an engem Uert, enger bestëmmter Persoun, enger mythologescher Gestalt, engem Ritual, engem Symbol oder engem Brauch weisen. En Erënnerungsuert soll nëmmen dann esou bezeechent ginn, wann en d'Akzeptanz vun enger Bevëlkerungsgrupp huet, déi grouss genuch ass. Wann dat net de Fall ass, stellt sech d'Fro, awéiwäit den Erënnerungsuert nach en tant que tel ka gëllen.



Traditionell Kranznidderleeung op der *Journée de commémoration nationale*

**M1**

**ËMFRO AN DER KLASS**

Weess du, wat d'*Journée de commémoration nationale* ass?

Jo ☐

Nee ☐

Wa jo: Hues du schonn eng Kéier un dëser Commemoratiounsfeier deelgeholl?


Jo ☐

Nee ☐

Klasseresultat:

__ Jo-Stëmmen

__ Nee-Stëmmen



***Journée de commémoration nationale* in Luxemburg**

Une nation sans souvenir historique est engagée sur un mauvais chemin vers l'avenir. Il nous incombe de garder vivante auprès des jeunes générations la mémoire du 10 octobre 1941, quand le Gauleiter nazi a essayé par le biais d'une « Personenstandsaufnahme » d'extorquer aux Luxembourgeois l'aveu écrit qu'ils étaient allemands. Que ce simulacre de recensement ait été annulé quand les nazis durent se rendre compte que plus de 90% avaient répondu « Luxembourgeois » fut interprété comme un premier succès important de la Résistance. C'est la raison pour laquelle une place capitale revient à cette date symbolique dans la mémoire collective de notre pays. En ce jour, nous exprimons notre engagement pour la démocratie et les droits de l'homme. Nous remercions les femmes et les hommes courageux d'antan de nous avoir démontré par leur exemple vivant l'importance de garantir la liberté à toute personne humaine. (…) Que le souvenir de ces temps sombres et de ces événements dramatiques continue à nous fortifier dans notre engagement pour une société libre dans une Europe solidaire.

12.10.2019 - Communiqué vum Staatsministère, am Numm vun der Regierung

- Féiert d'Ëmfro an der Klass duerch. Analyséiert dono d'Klasseresultat. Wéi vill Prozent vun ärer Klass kennen d'*Journée de commémoration nationale*? Wéi vill Prozent kennen dëse Commemoratiounsdag net? Wéi erkläert dir iech dëst Resultat? Haalt d'Grënn an enger Lëscht fest.
- Analyséiert déi offiziell Proklamatioun vun der Regierung (M1) op der *Journée de commémoration nationale* 2019 a sicht online den aktuellsten Text.
  1. U wat gëtt erënnert?
  2. U wat fir eng Wäerter gëtt appelléiert?
  3. Wat fir eng Emotioune sollen duerch d'Matdeelunge ervirgeruff ginn?
  4. Wat fir eng weider Prinzippie vun der Demokratie (Meenungsfräiheet asw.) empfannt dir als wichteg? Woufir géingt dir iech asetzen?
  5. Kéint d'*Journée de commémoration nationale* als onzäitgeméiss empfonnt ginn? Begrënnt är Äntwert.
- Informéiert iech driwwer, wou Erënnerungsfeieren ëm den 10. Oktober stattfannen.

# Eis Virstellung vun engem neie Commemoratiounsdag ②

Commemoratiounsdeeg erënneren un historesch Evenementer oder Perséinlechkeeten, déi eng besonnesch Roll fir e Land gespillt hunn an esou zu engem Gemeinschaftsgefill bäidroen. Zum Deel kënnen esou Commemoratiounsdeeg offiziell Feierdeeg ginn, wéi z. B. den Europadag den 9. Mee, deen zanter 2019 en offizielle Feierdag zu Lëtzebuerg ass.

Entwéckelt e Konzept fir en nationale Commemoratiounsdag fir d'Bevëlkerung zu Lëtzebuerg. E soll dem Zesummenhalt an der Gesellschaft an dem Respekt vun den demokratesche Prinzippien (Toleranz, Solidaritéit, Dignitéit, Respekt vun de Mënscherechter asw.) Rechnung droen. Den Entworf soll esouwuel d'Feierlechkeeten op deem Dag ewéi och en entspriechend Denkmal beinhalten.

**Orientéiert iech u follgende Punkten:**

- U wien oder wat erënnere mir eis?
- Wien ass MIR? Wien erënnert sech?
- Firwat ass dëst Erënnere wichteg?
- Wéini erënnere mir eis?
- Wou erënnere mir eis (zentral/dezentral)?
- Wéi soll de Commemoratiounsdag heeschen?


**Esou gesäit eist Denkmal (analog, digital) aus:**

- Maacht eng Skizz vum Denkmal oder dem Gebai.
- Beschréft d'Skizz.
- Wat fir eng Symboler benotzt dir?
- Verfaasst e Schréftzuch (Motto, Slogan) fir d'Denkmal.
- Verfaasst e Begleettext mat den néidegen Erklärungen.

**Motto**
Saz mat enger bestëmmter zesummefaassender Ausso

**Slogan**
eng aprägsam, wierkungsvoll formuléiert Expressioun

**Symbol**
Sënnbild, Erkennungszeechen



# Erënneren an enger Migratiounsgesellschaft ③

626 100 Mënschen hunn den 1. Januar 2020 zu Lëtzebuerg gelieft, dorënner 47,4 % ouni Lëtzebuerger Nationalitéit. No Eurostat-Prognosen (EUROPOP2023) wäert d'Populatioun vum Grand-Duché 2045 circa 866.782 Awunner*innen zielen an 2050 circa 897.072 Awunner*innen, dat ass e Plus vun ongeféier 43 % géigeniwwer 2020. 2050 wäert ronn e Fënneftel vun eiser Bevëlkerung iwwer 80 Joer al sinn.

Laut Statistik si Leit ouni Migratiounshannergrond Lëtzebuerger*innen, déi zu Lëtzebuerg gebuer sinn an deenen hir zwee Elterendeeler och zu Lëtzebuerg gebuer sinn. E Migratiounshannergrond ergëtt sech duerch:
- d'Nationalitéit
- de Gebuertsuert
- de Gebuertsuert vun den Elteren.

Zu Lëtzebuerg hunn 26,3% vun der Populatioun kee Migrationsbackground (Vollekszielung 2021).

Woltz: Pilgeren op Fatima





Kierchbierg: Europäesch Investitiounsbank (EIB)



Esch: L'embrassade (D'Ëmärmelung); Monument fir de Centenaire vun der italienescher Immigratioun a Lëtzebuerg (1892-1992)

- Kuck dir d'Fotoen un. Informéier dech iwwer den Undeel vun der Lëtzebuerger Bevëlkerung mat Migratiounshannergrond. Wou kommen dës Leit hier? Firwat wollten oder hu se missen op Lëtzebuerg kommen? Wéi gesäit et bei dir selwer aus? Wéi gesäit de Migratiounshannergrond an denger Famill aus? Diskutéiert an der Klass.
- Wéi kéint déi national Commemoratioun sech zu Lëtzebuerg bis 2055 veränneren, wann
  1. … déi demografesch Tendenz sech poursuivéiert?
  2. … et keng Zäitzeien aus dem Zweete Weltkrich méi gëtt?

# D'*Journée de commémoration nationale* 2055 an der Press! ④




**Zenario 1**
Parallelgesellschafte gi gestäerkt, d'Schéier tëschent Auslänner*innen a Lëtzebuerger*inne geet weider auserneen, d'Bevëlkerungsgruppen driften auserneen amplaz zesummenzewuessen.

**Zenario 2**
Dat gemeinsaamt „Mir-Gefill", d'Solidaritéit an déi sozial Kohäsioun si gestäerkt, Lëtzebuerg erfënnt eng nei, villfälteg Commemoratioun, déi sech drëm beméit, jiddereen mat an d'Boot ze huelen.

**Zeitungsbericht iwwer d'Feierlechkeeten:**

- Entscheet iech an der Grupp entweder fir den Zenario 1 oder 2. Verfaasst uschléissend e Pressecommuniqué (änlech ewéi op der Kopéiervirlag 1) vun der Regierung, wéi de Commemoratiounsdag 2055 sollt ausgesinn.
- Schreift dono en Zeitungsbericht iwwer den Oflaf vun de Feierlechkeeten.
- Iwwerschafft an engem weidere Schrëtt ären initialen Entworf zum Oflaf vum Commemoratiounsdag
- an der Gestaltung vum Denkmal. Wat ännert sech, wat bleift?
- Ofschléissend ginn déi eenzel Entwërf an der Klass presentéiert an diskutéiert (cf. zentral Froen am Schrëtt 5).
- Stellt är Entwërf mam entspriechende Pressecommuniqué esouwéi den Zeitungsberichter an der Schoul aus, vläit am Kader vun enger Ausstellung zum Thema *Journée de commémoration nationale* 2055.


# Stroosse voller Fräiheet

Vill Plazen a Stroossen zu Lëtzebuerg sinn no bekannte Persounen aus der Politik, der Ekonomie oder der Kultur benannt oder erënneren un historesch Evenementer. Anerer hunn och en direkten oder indirekte Bezuch zu demokratesche Prinzippien ewéi Fräiheet oder Mënscherechter.

Beim Bau vun neie Stroossen, Plazen, Bröcken oder Parke gi Virschléi fir den Numm gemaach. Wien entscheet dann, wourun oder u wien duerch déi Nimm erënnert gëtt? An der Stad Lëtzebuerg kënnt dofir eng Kommissioun zesummen, déi d'Virschléi analyséiert an Appreciatiounen dozou formuléiert. Spéider entscheet de Schäfferot doriwwer, wat fir een Numm zeréckbehal gëtt a schliisslech op deem entspriechende Schëld stoe wäert.

Zu Lëtzebuerg sinn d'Stroossennimm traditionell zweesproocheg, op Franséisch a Lëtzebuergesch. Et kënnt och oft vir, datt Leit bei Stroossen a Plazen niewent dem offiziellen Numm och nach méi eng al Bezeechnung benotzen. Heiansdo ass déi esouguer méi beléift.

**Am „Numm" vun der Demokratie**




- Am Collage gesitt dir Strooosseschëlder oder Schëlder vu Plazen a Bröcken zu Lëtzebuerg.
    - Erkennt dir eng Persoun oder en historescht Evenement op engem Schëld? Erzielt an der Grupp, wat dir doriwwer wësst.
    - Recherchéiert, wien dës Leit waren, wat fir eng Bedeitung se haten an ëm wat fir eng historesch Evenementer et sech handelt.
    - Uerdent dono d'Schëlder engem demokratesche Prinzip esouwéi engem Themefeld zou a gitt eng Begrënnung (cf. Tabell ënnen).
    - Stellt dono analog oder digital en Erklärungsflyer fir eent vun de Schëlder zesummen. Wat fir e Lien gëtt et tëschent dem Numm an der Demokratie?

| Numm | Uert | Demokratesch Prinzippien (Fräiheet, Gläichberechtegung, Meenungsfräiheet asw.) | Themefelder (Geschicht, Kultur, Politik, Ekonomie, Relioun, geografesche Fakt, asw.) | Begrënnung |
|---|---|---|---|---|
| z.B. Marie Carmes-Heffenisch | Diddeleng | Fräiheet, Meenungsfräiheet | Politik a Widderstand wärend der Besatzung duerch d'Nazien | Huet vun 1941 un illegal Zeitungen an Tracte verdeelt an huet siwe Refractairë verstoppt. Am Juni 1944 gouf se verhaft an an d'KZ Ravensbrück deportéiert. Si ass am Juni 1945 zeréck op Lëtzebuerg komm a krut 1968 d'Auszeechnung „Médaille de l'Ordre de la Résistance". |
| ... | | | | |
| | | | | |

**Wat e Stroossennumm verréit …**

- Wéi heescht d’Strooss, an där s du wunns? Gëtt mat deem Numm vläicht un eng Persoun oder en Evenement erënnert? Wat weess du iwwer d’Hierkonft vun dësem Numm? Recherchéier deemnowéi um Internet oder informéier dech bei der Gemeng.
- Uerdent dono op der Tafel är Stroossennimm jeeweils enger vun den uewe genannte Kategorien zou. Aus wat fir enger Kategorie stamen déi meescht Stroossennimm?

Ekonomie

Geografesche Fakt

Relioun


Demokratie


Geschicht

Politik

Kultur

Aner …






**Stell dir vir:** Stell dir vir: Däi gréissten Dram ass, datt däin Numm op engem Stroosseschëld steet! Dro schonn emol däin Numm an! Wat ass däi Verdéngscht? Firwat soll däin Numm op engem Stroosseschëld stoen?

**Begrënnung:**

# Stomm Zeien?

Um Wee fir an d'Schoul, an de Sport oder a Fräizäitaktivitéite gees du vläicht all Dag, méi oder manner onbewosst, un Denkmaler laanscht, déi un historech Evenementer oder Persounen erënneren (u Krichsmonumenter, Kommandantemonumenter asw). Eng besonnesch Form vum Denkmal ass d'Manmal. Et soll un en historescht Evenement erënneren an dobäi de Betruechter un d'Nodenke bréngen. Denkmaler soen ëmmer eppes iwwer d'Zäit aus, an där se opgeriicht gi sinn. Mir kënnen domat haut gesinn, wat de Leit an der Vergaangenheet esou wichteg a memorabel erschéngt ass, datt se iwwer eng laang Zäit dorun erënnere wollten.



- Beobacht emol ganz genau: Wat fir eng Denkmaler begéins du an dengem Alldag?
- Elo geet et drëm, um Beispill vun der *Gëlle Fra* eng Checklëscht ze veraarbechten, déi dir d'Analys vun engem Denkmal erméiglecht. Iwwerdro dono d'Method op en Denkmal, dat s du ausgewielt hues.

## CHECKLËSCHT

**1. Beschreiwung**

- U wat fir en Evenement oder u wat fir eng Perséinlechkeet erënnert d'Denkmal?
- Wéi ass et zesummegesat? Woufir stinn d'Eenzeldeeler?
  - Symboler
  - Figuren
  - Inschriften
- Maach eng Skizz vum Denkmal, dat s du ausgewielt hues, a beschréft se.
- Bedenk och d'Lag an d'Gestaltung vum Denkmal op der Plaz a seng zentral oder dezentral Lag.


**2. Entsteeungsgeschicht**

- Wien huet et wéini a mat wat fir enger Absicht gebaut oder baue gelooss?
- Huet d'Monument sech am Laf vun der Zäit verännert?
- Kräiz seng Funktioun un:
  - ○ Prezis Duerstellung vun der Vergaangenheet
  - ○ Deitung vun der Vergaangenheet
  - ○ Veréierung vum Liewen, vun der Hoffnung
  - ○ Veréierung vun enger Persoun, enger Grupp vu Leit, enger Beruffsgrupp asw.
  - ○ Veréierung vun Idealen
  - ○ Veréierung vun den Helden
  - ○ Veréierung vun der Natioun
  - ○ Kampf géint dat Béist
  - ○ Färderung vun der Versönung
  - ○ Ausdrock vun der Verzweiwlung
  - ○ Respekt vun demokratesche Prinzippien
  - ○ Aner: ..............................

**3. an haut ...**

- Wie wird das Denkmal in der Öffentlichkeit wahrgenommen?
- Gibt es Feierlichkeiten um das Monument? Wenn ja, welche?
- Entscheide dich: Wie wichtig ist das Denkmal für dich? Begründe.
  - ○ Das Denkmal hat eine bis heute wichtige Botschaft.
  - ○ Die Botschaft ist heute nur noch schwer zu entschlüsseln, es ist aber ein wichtiger Zeuge der Geschichte meines Wohnortes/ meines Landes.
  - ○ Die Botschaft des Denkmals ist überholt oder sogar problematisch. Es sollte abgerissen oder umgestaltet werden.

- Lies den Erklärungstext. Strukturéier den Text mat Faarwen: 1) Beschreiwung, 2) ………, 3) ……… (Checklëscht).
  Beschrëft dono déi eenzel Deeler vum Manmal. Gëff och un, woufir se stinn.



De *Monument du Souvenir* ass e Manmal a Form vun engem Krichsmonument. E gouf 1923 op der *Place de la Constitution* opgeriicht, fir de Lëtzebuerger Zaldoten ze gedenken, déi am Éischte Weltkrich gefall sinn. E staamt vum Lëtzebuerger Kënschtler Claus Cito a gouf duerch Spendenopriff vun der Bevëlkerung an duerch en Zouschlag op Timberspräisser vum Staat finanzéiert.

D'Denkmal besteet aus engem Sockel mat Steensakrophag, Bronzefiguren a verschiddenen Inschriften. D'Schäigraf (Kenotaph) symboliséiert déi zäitlos Doudewaach vun anticke Krichskämpfer. Se sinn ouni erkennbaren Uniformen duergestallt, fir Mëssverständnisser ze vermeiden, well d'Lëtzebuerger als Fräiwëlleger a friemen Arméie gekämpft hunn. Um 21 Meter héijen Obelisk (d'Victoiressymbol vun der Herrschaft soll un déi mënschlech Gréisst vun de fräiwëllegen Zaldoten erënneren) trount eng vergëlt Fraefigur (Friddensgëttin mat Lorberkranz), déi dem Denkmal den Numm *Gëlle Fra* ginn huet.

Wärend der Besatzung vu Lëtzebuerg hunn d'Nationalsozialisten am Oktober 1940 d'Manmal ofrappe gelooss. All Erënnerung un d'Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg an déi däitsch Nidderlag vun 1918 huet misse besäitegt ginn.

Wéi de Krich eriwwer war, gouf de Sockelberäich nees opgebaut. D'Statu, déi gréisstendeels zerstéiert war, gouf 1955 an enger Ausstellung gewisen an ass a Vergiessenheet geroden, obwuel reegelméisseg Gedenkfeiere virum Sockel stattfonnt hunn. Fir un d'Grausamkeet vun der Besatzung duerch d'Nazien ze erënneren, wollt een d'Denkmal a sengem zerstéierten Zoustand loossen. Eréischt 1980 gouf d'Statu erëmentdeckt, mat ëffentleche Gelder restauréiert an 1985 feierlech ageweit. Den Zitater vun alliéierte Generole gouf eng drëtt Widmung vun der Grande-Duchesse Charlotte fir d'Affer vun 1939-1945 bäigefüügt. Ausserdeem erënnert d'Denkmal och un déi zwee lëtzebuergesch Affer vum Koreakrich (1954-1956).

Haut steet d'*Gëlle Fra* fir de Widderstand vum Lëtzebuerger Vollek wärend der Besatzung duerch d'Nazien a gëllt als Nationalsymbol. Se gedenkt de fräiwëllege Lëtzebuerger Zaldote vun deenen zwee Weltkricher an dem Koreakrich an och de fräiwëllege Kämpfer aus Lëtzebuerg am Spuenesche Biergerkrich. D'Feierlechkeete fannen den 10. September (Befreiung vun der Haaptstad, 1944) an am Kader vun der *Journée de commémoration nationale* statt.


# Vun der *Gëlle Fra* zur *Golden Lady*

D'Denkweis vun de Leit an de Gesellschaften ass am stännege Wandel. Dës Verännerungen hunn Auswierkungen op d'Usiichten an d'Wäerter vun de Leit, wat sech dann och am Ëmgang mat Denkmaler weist. Esou kann et sinn, datt en Denkmal net méi fir Usiichten an Iwwerzeegunge steet, un déi ursprénglech erënnert sollt ginn. D'*Monument du Souvenir* gëtt haut an der Bevëlkerung ganz ënnerschiddlech wouergeholl. Bei offizielle Feierlechkeeten ewéi der *Journée de commémoration nationale* steet d'*Monument du Souvenir* als Krichsmonument am Fokus. Kuck dir an dësem Kontext och d'Kopéiervirlag „Stomm Zeien?" un, wou s du méi iwwer d'Geschicht vun der *Gëlle Fra* gewuer gëss. Doriwwer eraus huet d'Statu vun der *Gëlle Fra* als Symbolfigur u Bedeitung gewonn. Se prägt d'Stadbild, ass haut eng touristesch Attraktioun an der Haaptstad ginn a gëllt als Erkennungssymbol fir Lëtzebuerg am In- an Ausland.

## D'*Gëlle Fra* als Uert der Erënnerung




Aweiung vum *Monument du Souvenir* de 27. Mee 1923 op der *Place de la Constitution*



D'*Gëlle Fra* gëtt den 21. Oktober 1940 ënner der nationalsozialistescher Besatzungsmuecht ofgerappt



Kranznidderleeung den 13. Oktober 2019 virum *Monument du Souvenir*

- Uerdent follgend Bildiwwerschrëften de jeeweilege Fotoen zou: Erënnerung opruffen, Erënnerung schafen, Erënnerung besäitegen. Iwwerleet dono, wéini „Erënneren" eigentlech ophält.
- Sicht aktuell Fotoen zur *Journée de commémoration nationale* um Internet. Wat fir eng Roll spillt d'*Monument du Souvenir*? Bei wat fir engen anere Monumenter gëtt offiziell un dësen Dag erënnert? U wien oder wat erënnere se? Beschreift d'Erënnerungsfeier. Wat fir eng Persounegruppe gesäit een op der Foto? Wat fir eng feelen? U wie riicht sech d'Feier? Fills du dech vun de Feierlechkeeten ugeschwat? Begrënn deng Äntwert.

## D'*Gëlle Fra* haut




Titelsäit *Revue*, Mäerz 2020




Flyer vum Ministère fir Chancëgläichheet, 2019




EmoXies: *Nation Branding, Let's make it happen, inspiring Luxembourg*, 2018




Nationalfeierdag, 2019



Treffpunkt fir Touristen



*Gëlle Fra* als Souvenir



Weltausstellung zu Shanghai, 2010


- Wat fir eng Roll spillt d'*Monument du Souvenir* ausserhalb vun den Erënnerungsfeieren am ëffentleche Liewen?
- Wat fir eng Bedeitung huet d'*Monument du Souvenir* fir dech?
- Interviewt är Elteren, Grousselteren an deemnowéi Urgrousselteren. Dir kënnt och Passante befroen. Frot se, wat si mat der *Gëlle Fra* verbannen a wat fir eng Erënnerunge si un dat Monument hunn. Dréit kuerz Videoen a stellt se an der Klass vir.

# Weeër vum Erënneren

## Erënnerungstrail duerch d'Stad Lëtzebuerg

Bei dëse Punkte befanne sech e puer Uerter vun der Erënnerung. Se hu mam Thema „Vergaangenheet" ze dinn.

- Sicht mathëllef vun enger Kaarten-App, ëm wat fir en Erënnerungsuert et sech jeeweils handelt.
- Informéiert iech iwwer d'Plaz, de Strossennumm, d'Gebai, d'Monument asw. nieft de Punkten a setzt eng Foto dobäi. Vu wat fir enger Vergaangenheet zeie se?
- Ergänzt d'Kaart mat anere Punkten, d. h. aneren Attraktiounen, déi ee mam „Erënneren" un d'Vergaangenheet verbanne kann.




- Dir kommt mam ëffentlechen Transport an d'Stad, verbannt déi eenzel Punkte mateneen, esou datt en Erënnerungswee entsteet, dee fir iech/är Klass/äre Projet interessant ass.
- Et besteet och d'Méiglechkeet, aner Circuiten zum Thema Erënneren zesummenzestellen: „Lëtzebuerg am Zweete Weltkrich" oder „Denkmaler a Commemoratiounsuerter an der Stad", „Reesen a Migratioun ...", „Fräiheet an Demokratie", „Relilounen an der Stad". Vläicht falen iech nach aner Themen an ...
  ... an natierlech bidde sech och aner Stied an Uertschaften zu Lëtzebuerg un!

Et kann ee Kaarten-Appe benotzen, déi engem bei der Recherche/Virbereedung an der Orientéierung hëllefen. Et ginn esouguer Applikatiounen, mat deenen ee säin eegene Wee vun der Erënnerung anere Leit zur Verfügung stelle kann ... z. B. https://de.actionbound.com/bounds

# Feier- a Commemoratiounsdeeg

De Staat leet offiziell Feier- a Commemoratiounsdeeg fest. Et handelt sech dobäi ëm ëffentlech Evenementer op bestëmmten Deeg a festgeluechte Plazen, un deene jiddereen deelhuele kann. Se setze wichteg Evenementer an de Mëttelpunkt. D'Zeremonië lafe meeschtens no engem bestëmmte Programm of a ginn also inzenéiert. Et ass en Ulass, an d'Vergaangenheet zeréckzekucken, mee et kann och d'Geleeënheet sinn, e Bléck op d'Géigewaart an an d'Zukunft vun enger Gemeinschaft ze werfen. Zu Lëtzebuerg sinn offiziell Feierdeeg aarbechtsfräi Deeg, wougéint op Commemoratiounsdeeg geschafft gëtt, z. B. d'*Journée de commémoration nationale* oder reliéis Feierlechkeeten, ewéi d'Sprangpressessioun, d'Pilgerfaart bei d'Graf vum hellege Willibrord zu Iechternach, d'Faaschtebriechen *Eid Al-Fitr* nom Ramadan oder dat jiddescht Versönungsfest *Jom-Kippur*.



Nationalfeierdag



Europadag

| Offiziell aarbechtsfräi Feierdeeg zu Lëtzebuerg | Datum? | U wat gëtt erënnert? | Politeschen, kulturellen, historeschen, reliéisen Ursprong | Wat fir eng offiziell Feierlechkeete fanne statt? | National oder international Bedeitung? | Wéi zelebréiers du dësen Dag? | Bezuch zur Demokratie oder zu demokratesche Wäerter? |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| ... | | | | | | | |
| | | | | | | | |
| | | | | | | | |

- Zu Lëtzebuerg gëtt et am Code du travail (art. L.232-2) eelef gesetzlech festgeluecht Feierdeeg. Stell eng Tabell zesummen.Gëff fir all Feierdag un, ob en dir eppes bedeit oder ob s du dech „just“ iwwer de fräien Dag frees.
- Sich e puer Beispiller vu Feier- oder Commemoratiounsdeeg, déi net aarbechtsfräi sinn. Wéi wichteg sinn dir dës Deeg? Begrënn.
- Sollt jidderee sech einfach eelef Feierdeeg am Joer aussiche kënnen? Wat fir eng Deeg wieren dat fir dech?

# Erënneren am Mount Mee

All Dag vum Joer ass iergendwou op der Welt e Feier- oder Commemoratiounsdag. Heiansdo gëtt op engem Dag esouguer u méi Evenementer erënnert. Et feiert een dëst lokal, regional, national oder international. Erënneren heescht och ëmmer, e Choix maachen, wat déi Evenementer ubelaangt, déi enger Gesellschaft op engem bestëmmten Uert, zu enger bestëmmten Zäit memorabel erschéngen. Dobäi ass dëse Choix oft net onëmstridden.

**De Mount Mee: Follgend Datumer sti fir …**

1. Mee | 3. Mee | 8. Mee | 9. Mee | 10. Mee | 11. Mee | 17. Mee

INTERNATIONALEN DAG
géint Homophobie

SCHUMAN-DEKLARATIOUN:
De Robert Schuman verkënnegt seng Iddi, wat d'Europäesch Gemeinschaft fir Kuel a Stol, dem Virleefer vun der haiteger EU, ubelaangt, 1950




EUROPADAG
offizielle Feierdag zanter 2019

DAG VUN DER AARBECHT
offzielle Feierdag zanter 1946

KONGRESS VU LONDON
deen d'Neutralitéit vu Lëtzebuerg festgehal huet, 1867

WELTDAG VUN DER PRESSEFRÄIHEET

ENN VUM ZWEETE WELTKRICH AN EUROPA
1945



Escher Tageblatt
LE JOURNAL D'ESCH
ESCH-ALZETTE — Verlag der Luxemburger Genossenschaftsdruckerei — LUXEMBURG

Bedingungslose Kapitulation Deutschlands

Unterzeichnung am Montag um 2.41 Uhr in General Eisenhowers Hauptquartier in Reims — Generaloberst Jodl: „Deutschland den Siegern auf Gnade und Ungnade ausgeliefert" — von Dönitz gab den Befehl zur Einstellung des U-Boot-Krieges

Noch keine amtliche Erklärung — Dienstag um 15 Uhr spricht Churchill

AMARSCH VUN DÄITSCHEN TRUPPEN OP LËTZEBUERG
1940

- Verbann d'Datumer mat den entspriechenden Evenementer. Sich dono Fotoen, déi dokumentéieren, wéi un d'Feier- a Commemoratiounsdeeg hei zu Lëtzebuerg erënnert gëtt.
- Sinn déi jeeweileg Datumer offiziell Feierdeeg zu Lëtzebuerg? Sinn d'Evenementer, un déi ee sech erënnert, positiv oder negativ bewäert?
- Stell e perséinlecht Klassement vun 1 bis 7 vun de Feier- a Commemoratiounsdeeg am Mee op. Fänk mam Evenement un, dat dir och haut nach am wichtegsten erschéngt (1) bis d'Evenement, dat dech am mannste betrëfft (7).
- A wat fir engem Mount bass du gebuer? Stell eng Lëscht mat de memorabelen Evenementer, Commemoratiouns- a Feierdeeg aus deem Mount zesummen.

# Commemoratiounsfeieren an der Diktatur

Ëffentlech Commemoratiounsfeiere kënnen an Diktaturen oder autoritäre Staaten zu Propagandazwecker mëssbraucht ginn.

Den 10. Mee 1940 besetzen däitsch Truppen dat neutraalt Lëtzebuerg. D'Lëtzebuerger Regierung esouwéi d'Grande-Duchesse Charlotte flüchten an den Exil. No enger kuerzer Zäit vun der Militärverwaltung gëtt Lëtzebuerg dem nationalsozialistesche Gauleiter Gustav Simon ënnerstallt. Als Chef vun der Zivilverwaltung ënnersteet en direkt dem Diktator Hitler an huet fräi Hand: D'Demokratie gëtt ofgeschaaft, Parteien, Gewerkschaften a Verbänn ginn opgeléist, d'Press gëtt zenséiert, d'Meenungs- a Versammlungsfräiheet gëtt verbueden.

### Nazipropaganda am *Luxemburger Wort*

1. Opruff am *Luxemburger Wort*, 9./10. Mee 1942



Der 10. Mai, Luxemburgs schicksalsgroßer Gedenktag

Die Luxemburger gedenken des 10. Mai ganz besonders, weil ihnen an diesem schicksalsgroßen Tage ihre alte Heimat erhalten und das neue Großdeutsche Reich aufgetan wurde.

Morgen, Sonntag, 10. Mai, werden um 9 Uhr auf dem Ehrenfriedhof Klausen in einer schlichten Feier Wehrmacht und Partei an den Grabstätten der toten Helden, die ihr Leben für den Schutz Luxemburgs hingaben, Kränze niederlegen.

Anschließend marschieren Verbände der Wehrmacht und Gliederungen der NSDAP durch die Straßen der Stadt. Vor dem Gebäude des Chefs der Zivilverwaltung in der Adolf Hitlerstraße findet um 12 Uhr ein Vorbeimarsch der Truppenteile des Standortes vor dem Stadtkommandanten und der Gliederungen der NSDAP und der politischen Leiter der Volksdeutschen Bewegung vor dem Kreisleiter und dem Landesleiter der Volksdeutschen Bewegung, Professor Dr. Kratzenberg statt.

Die Luxemburger Bevölkerung wird an diesem Tage durch ihre Teilnahme des heldenhaften Einsatzes der deutschen Soldaten ganz besonders gedenken und ihnen dafür danken, daß sie Luxemburg vor den Verwüstungen und Zerstörungen des Krieges bewahrt und den Luxemburgern den Weg ins Großdeutsche Reich eröffnet haben.

- ➤ Liest den Opruff aus dem *Luxemburger Wort* vum 9.-10. Mee 1942 a kuckt Iech d'Fotoen un. Analyséiert, awéiwäit de Lëtzebuerger*Lëtzebuergerinnen d'Aart a Weis vun der Commemoratioun opgezwonge gouf. Berücksichtegt dobäi follgend Aspekter:
  - Firwat ass den 10. Mee, laut Text, e Commemoratiounsdag?
  - Wie rifft zum Gedenken op?
  - Wéi gëtt gefeiert?
  - Wat fir ee Verhalen a wat fir eng Astellung erwaarden d'Besatzer vun de Lëtzebuerger*Lëtzebuergerinnen op dësem Dag?
  - Awéiwäit ginn historesch Fakte verdréit?
- ➤ Firwat ass den 10. Mee zu Lëtzebuerg no 1944/45 kee besonnesche Commemoratiounsdag ginn?

2. Bericht zum Commemoratiounsdag am *Luxemburger Wort*, 11. Mee 1942



Die Feier der zweiten Wiederkehr des für Luxemburg entscheidenden 10. Mai

*Luxemburg beging die zweite Wiederkehr des entscheidenden 10. Mai 1940 in würdiger Weise. In der Mitte: Die feierliche Kranzniederlegung an den Gräbern der toten Helden auf dem Ehrenfriedhof Klausen. Links und rechts: Ausschnitte aus dem Vorbeimarsch der Truppenteile des Standortes vor dem Stadtkommandanten und der Gliederungen der NSDAP vor dem Kreisleiter.*


# Bock op Fake?

Vill Gebaier a Ruine soen eppes iwwer d'Geschicht vu Lëtzebuerg aus an hunn dowéinst mat Erënnerung un d'Vergaangenheet ze dinn. E beléift Motiv fir Touristen an Einheimescher ass de sougenannten *Huelen Zant* an der Stad. Zanter bal 150 Joer ass e fir vill Touristen eng Attraktioun, mee eigentlech handelt et sech hei ëm e „Fake".

Firwat? Dat sollt dir selwer erausfannen. Allgemeng gëllt: Wéi a wourun erënnert gëtt a wat fir eng Bauten als erhalenswäert fir d'Gesellschaft gëllen, berout op den Entscheedunge vun der Politik, den Interesseverbänn oder Privatinitiativen.

**M1**

## Am Numm vum Tourismus






**De Bock**

*Montée de Clausen, 1343 Lëtzebuerg*

*De Gréngе Guide*

*Beschreiwung:* Op dësem flaache Fielsvirsprong, dee fréier duerch eng Zuchbréck (haut Schlassbréck) mat der Stad verbonne war, befanne sech d'Ruine vum Schlass vu Lëtzebuerg. Den Tuerm „Huelen Zant" ass dat eenzegt, wat vun der Buerg, déi oft ëmgebaut an 1875 endgülteg geschlaff ginn ass, iwwereg ass. D'Vue aus der Héicht vun der Ruin op de Plateau du Rham, (…) lount sech jiddefalls. Déi véiereckeg Paart op der lénker Säit heescht Jakobstuerm. D'Gebaier op der rietser Säit si Kasären, déi vum Vauban opgeriicht gi sinn.

*Quell: viamichelin.de*

### Online-Rezensiounen iwwer den *Huelen Zant*

TIBERIU_BARANYI – *History remembered* ★★★★☆

Dent Creuse - the hollow tooth if you like - also in architecture the term is used for hollow spaces. (…) This is the last remaining portion of the original gard tower of the stronghold that was seating on top of this hill in the early 900 --- so this piece is more than a 1K years old so this landmark is definitely one of the oldest in the city and it got preserved as such. (…) A true Luxembourg icon

CLODY59 – *Vestiges du passé* ★★★★☆

Cette tour serait les seules vestiges du château construit au Xᵉ siècle sur le bock. Situé en bord de route, près de l'arrêt du petit train.

MARIANE RADO – *Local Guide* ★★★★★

Wann een zu L ass, ass dëst sécherlech eng vun de Plazen, déi ee muss besicht hunn. Virun allem, wann ee sech e bësse fir déi historesch Hannergrënn vun der Stad interesséiert. D'UNESCO-Kulturgebitter sinn immens schéin.

- Lokaliséiert den *Huelen Zant* an der Stad op der Kaart. Wat fir eng touristesch Attraktioune ginn doriwwer eraus am Guide oder an de Rezensiounen erwäänt? Orientéiert iech mathëllef vun der Kaart.
- Wéi gëtt den *Huelen Zant* vun Touriste beschriwwen? Wéi gëtt en am Online-Guide duergestallt?
- Vergläicht d'Duerstellungsweis am Guide mat der Foto vum Bockfiels aus dem Joer 1867. Wat stellt dir fest?

## M2

### *Den Huelen Zant - e Fake!*

Den 11. Mee 1867 gouf d'Neutralitéit vu Lëtzebuerg am Traité vu London festgehalen. D'Festung, déi gemengerhand als „Gibraltar vum Norden" gegollt huet, ass ofgerappt ginn. D'Regierung huet decidéiert, um Bockfiels den Eckpeiler vun der Festungsanlag als Iwwerrescht vum Siegfried senger deemoleger Buerg ëmzebauen. 1994 huet d'UNESCO déi fréier Festungswierker an d'Alstad vu Lëtzebuerg zum Weltkulturierwen erkläert.

Bockfiels, Lëtzebuerg, 1867






Postkaart, *Ruine de Lützelburg*, 1905

## M3

**Ausschnëtt aus dem Zeitungsartikel *Tourisme et identité nationale*, vum André Linden a Guy Thewes, *forum*, Nov. 2015, S. 42-44.**

… Eréischt am Joer 1845 ass d'*Société pour la recherche et la conservation des monuments historiques dans le Grand-Duché* gegrënnt ginn. Lëtzebuergesch Acteuren erkennen den Interêt vun der Erhalung vun historeschen Denkmaler, esouwuel fir en nationaalt Gediechtnes ze schaffen ewéi och fir Touristen unzezéien. D'Verschéinerungsveräiner, déi an der zweeter Hallschent vum 19. Joerhonnert gegrënnt gi sinn, interesséiere sech esouwuel fir d'Erhale vun historeschen Denkmaler ewéi fir d'Fërderung vum Tourismus. (…)

Verschidden Uerter, déi haut zu de Klassiker vum Tourismus zielen, sinn nei Kreatiounen. De Bockfiels ass e gutt Beispill fir esou e Prozess vun der „Hierstellung" vun Attraktiounen. Dëst Militärbauwierk ass no 1867 ofgebaut gouf. Am romantesche Geescht vun der Zäit schléit den Édouard André, de franséischen Architekt a Paysagist, dee mat der Opwäertung vun de Festungsterraine beoptraagt war, vir, do eng mëttelalterlech Ruin [Lucilinburhuc] opzeriichten, fir pittoresk Akzenter ze setzen. (…)

- Identifizéiert den *Huelen Zant* op de jeeweilege Fotoen. Wéini sinn dës Fotoe veröffentlecht ginn?
- Vergläicht d'Duerstellung vum *Huelen Zant* mat den Textauszich (M2-M3). Awéiwäit ass den *Huelen Zant* eng Konstruktioun? Firwat ass den *Huelen Zant* op dëser Plaz opgeriicht ginn? Wat fir eng Bedeitung kënnt em dem Auteur no zou?
- Ass den *Huelen Zant* e Fake, also eng falsch Erënnerung un d'Vergaangenheet?
- Ginn et nach aner Gebaier, vun deenen een den Androck huet, datt se aus enger anerer Zäit stamen, an déi awer a Wierklechkeet méi rezent sinn? Informéiert iech z. B. iwwer de Sitzungssall an der Chamber oder d'Cité judiciaire.
- Ass eng Verännerung vun historesche Bauwierker ärer Meenung no gerechtfertegt? Firwat? Firwat net?

# Industrial brand

D'Industriegebitter am Minett sinn Zeie vum wirtschaftlechen Opschwong vu Lëtzebuerg. Sief et Eisenäerzgrouwen, Héichiewen, fréier Minnen oder Aarbechterhaiser a -véierel, villes zeit am „Land vun der rouder Äerd" vu senger industrieller Vergaangenheet a Géigewaart. Zanter de 1970er-Jore koum et an de verschiddenen Industriegebitter zu engem grondleeënde Strukturwandel. Duerch d'Zoumaache vun Eisen- a Stolfabricken a Minnen hu sech déi wirtschaftlech Kaderbedéngunge verännert. Dat hat Auswierkungen op d'Aarbecht an d'Natur. De Süde vum Land huet zanterdeem säi Gesiicht geännert: Déi wirtschaftlech Aktivitéit gouf z. B. am Industriegebitt Belval diversifizéiert, Mountainbike-Trails verlafen duerch desaffectéiert iwwerierdeg Minnen, déi haut ënner Naturschutz stinn, a fréier Aarbechterhaiser bidde mëttlerweil en Doheem fir Leit aus all de Gesellschaftsschichten. D'Stad Esch war 2022 europäesch Kulturhaaptstad.

## M1

### Vu Stolaarbechter a Studenten

Offiziell Ëmbenennung vun der Gare um Belval am September 2018




1



2


3




## M2

### Ëmbau vun engem Industriegebitt

A



*Columeta: Usine de Belval de la Société Métallurgique des Terres Rouges*

B



- Wat fir ee Funktiounswandel vum Site Belval gesäit een op der Folleg vu Biller M1?
- Vergläich d'Industriegebitt vun Esch-Belval mam haitege Site Belval (M2).
- Fannt eraus, wat fir eng Aktivitéiten haut zu Esch-Belval stattfannen. Beschréft d'Foto B mat ären Erkenntnisser. Recherchéiert déi historesch Vergaangenheet op der Internetsäit www.belval.lu.

## M3

## Stëmmen zur industrieller Vergaangenheet vu Lëtzebuerg


Dat Besonnescht un der Geschicht ass, datt se den haitege Generatiounen d'Datumer virgëtt, ronderëm déi sech dat kollektiivt Gediechtnes an déi individuell Erënnerung organiséiere kënnen, sollen oder mussen. D'Lëtzebuerger hunn hir Stolindustrie ëmmer ewéi eng wichteg Sail vun hirem Pavillon, quasi ewéi eng véiert Nationalfaarf, ugesinn. An Zäiten, wou d'ARBED floréiert huet, huet d'Land Fortschrëtter gemaacht. Wann d'ARBED a Schwieregkeete war, huet dat ganzt Land d'Suerge vun de Stolaarbechter matgedroen a sech aktiv un der Sanéierung vum Betrib bedeelegt. (…) An hei ass eng extra Plaz, op där mir haut stinn, well op Belval zesummeleeft, wat war, un deem geschafft gëtt, wat ass a vun deem gedreemt gëtt, wat ka kommen a wat komme muss. Hei ass esou laang esou schwéier geschafft ginn an hei entsteet e wichtegt Stéck neit, modernt, net nëmme frësch ugestrachent, mä nei geduechtent, frësch entworfent Lëtzebuerg.

J.-C. Juncker, Lëtzebuerger Premierminister (1995-2013) bei der 100-Joer-Feier vun der Grënnung vun der ARBED 2011. ArcelorMittal ass hautdesdaags nach ëmmer e wichtegen Employeur zu Lëtzebuerg.

De Minette war fir mech als Kand verbonne mat Kaméidi, Gehummers, Geknupps, Sireenen, déi gehuerelt hu beim Schichtwiessel oder Sprengungen an der Minière. Explosioune goufen et och wann d'Schlaken op den Tipp koumen. An der Loft louch ëmmer schwaarze Stëbs vun den Héichiewen. Geméis, d'Wäsch am Gaart an den Aarbechterkolonien war ëmmer stëbseg. Wa mäi Papp mat sengem Kuuschtesak op de Schichtwiessel gaangen ass, war en ni eleng, et huet dann ëmmer gewimmelt vu Leit um Vëlo oder zu Fouss, déi op d'Schmelz gaange sinn oder midd an dreckeg erauskoumen. Am ganze Minett huet et 24 Stonnen am Dag gedämpt, d'Stolproduktioun war vill méi knaschteg wéi haut. D'Ofwaasser vun der Schmelz ass einfach an d'Uelzecht gelaf. Iwwerall si kënschtlech Hiwwelen aus Schlaken entstanen. Iwwert d'Ëmwelt huet nach kee sech Gedanke gemaach. All Duerf hat seng Schmelz, Schëffleng, Diddeleng, Rodange, an dach waren et nach Dierfer mat Bauerebetriber matzendran, der Epicerie um Eck, dem Kuelenhändler. D'Aarbechter ware Lëtzebuerger an Italiener, déi schonns an der 2. oder 3. Generatioun agebiergert waren, a Portugise si lues a lues zougewandert. Vill franséisch Frontalieren hunn och op der Schmelz geschafft. De Minett eben, meng Kandheet.

Erfahrungsbericht eines Minetters über seine Kindheit in Schifflange Mitte der 1970er Jahre, 2020.

**Wat bedeit d'Industriegeschicht fir mech?**



D'Lëtzebuerger Identitéit ass un d'Industriegeschicht vum Land geknëppt? Jo ☐ Neen ☐

Meng Identitéit ass un d'Industriegeschicht vum Land geknëppt? Jo ☐ Neen ☐

Fir mech ass et wichteg/net wichteg, un d'industriell Vergaangenheet ze erënneren, well ……………………………………

………………………………………………………………………………………………

………………………………………………………………………………………………

Esou misst d'Erënneren un déi industriell Vergaangenheet menger Meenung no gestalt an zelebréiert ginn ………………………………………………………………………………

………………………………………………………………………………………………

………………………………………………………………………………………………

………………………………………………………………………………………………

Ech komme vu(n) ……………………… an ech verbanne(n) ……………………………………………

……………………………………………………………………… mam Industriegebitt.

- Wat fir eng Wichtegkeet gëtt d'Politik der Industriegeschicht zu Lëtzebuerg – fir d'Land, fir den Eenzelen? Wourun erënnert sech den einfache Bierger aus der Regioun?
- Vergläich den Erfarungsbericht vun engem Minetter iwwer seng Kandheet mat denge Kandheetserënnerungen. Wat fir eng Ënnerscheeder a Gemeinsamkeete falen dir op? Fëll dono den Deel „Wat bedeit d'Industriegeschicht fir mech?" aus.
- Renseignéier dech. Gëtt an denger Gemeng oder Regioun un d'Vergaangenheet vun der Aarbecht erënnert? Op wat fir eng Aart a Weis?

# D'Shoah zu Lëtzebuerg: Nëmmen Erënneren …?

De Begrëff Holocaust bezeechent déi systematesch Vernichtung vun de Judden an anere Bevëlkerungsgruppen (z. B. Sinti a Roma) wärend dem Nationalsozialismus. Am Hebräesche schwätzt ee vu „Shoah", wat esouvill ewéi „grouss Katastroph" bedeit. D'Juddeverfollgung ass bis haut Thema am Schoulunterrecht, an der Fuerschung, an der Zivilgesellschaft an an der Politik. Zäitzeieberichter an de Bicher, Filmer oder Denkmaler am ëffentleche Raum sinn ënnerschiddlech Forme vum Erënneren. Sech u gëschter ze erënneren heescht net nëmmen, den Affer ze gedenken, mee och de Wonsch, d'Handele vun haut ze beaflossen a sech esou am Hibléck op d'Gestaltung vun der Zukunft ze erënneren.

## M1

### Bass de scho gestolpert?




Kleng Gedenksteng aus Messeng ginn op deene Plazen, wou Leit fir d'lescht fräi gewunnt hunn, an de Buedem geluecht.

De Kënschtler Günter Demnig erënnert un d'Affer vun der Zäit vum Nationalsozialismus.

**Verleeung vu Stolpersteng**

- Ettelbréck an Esch-Uelzecht (2013)
- Déifferdeng (2014)
- Bieles a Munneref (2015)
- Réimech (2016)
- Gréiwemaacher (2017)
- Iechternach (2019)
- Jonglënster (2021)

**Infobox zur Juddeverfollgung zu Lëtzebuerg:** Virun der Besatzung duerch d'Nationalsozialisten hunn zu Lëtzebuerg iwwer 3 900 Jüddinnen a Judde gelieft. Dräi Véierel vun hinne sinn no der Besatzung am Mee 1940 an d'Belsch oder a Frankräich geflücht. Ab September goufen d'Rassegesetzer vun den Nazien ageféiert. Judde sinn diskriminéiert ginn an hate keng Rechter. Fir jiddesch Bierger*Biergerinnen huet vun deem Moment u Follgendes gegëllt: Berufsverbuet, Beschlagname vum Verméigen, Zwangsaarbecht, Opléisung vun de jiddeschen Organisatiounen, Beschiedegung oder Zerstéierung vu Synagogen, Isolatioun a rechtlech virgeschriwwen Diskriminéierung am Alldag. Am Juli 1941 huet d'Gestapo befuel, aarbechtsonfäeg Jüddinnen a Judden an d'„Jüdische Altersheim Fünfbrunnen" ze transportéieren. Et huet sech dobäi ëm eng Sammelplaatz fir jiddesch Mënschen am Klouschter Pafemillen gehandelt, dat ëmfunktionéiert gouf. Am Ganzen hunn tëschent Oktober a Juni 1943 siwen Deportatiounszich Lëtzebuerg verlooss. Zu Lëtzebuerg huet also och eng systematesch Juddeverfollgung an -deportatioun stattfonnt. Vun de ronn 700 Jüddinnen a Judden, déi aus Lëtzebuerg deportéiert goufen, dorënner 300 aus dem Altersheem Pafemillen, hunn der nëmme 56 d'Vernichtungslager iwwerlieft. D'Zuele berücksichtegen allerdéngs net d'Judden, déi aus Lëtzebuerg geflücht sinn an dono an de Lageren ermort gi sinn.

- Lies d'Infobox. Wéi goufen d'Jüddinnen a Judden zu Lëtzebuerg diskriminéiert?
- Kuck dir déi verschidde Forme vum Erënneren un d'Juddeverfollgung un (M1-M2). Wien erënnert? A wat fir enger Form gëtt erënnert? Gëtt un eng Eenzelpersoun oder e Grupp erënnert? Wat fir eng Erënnerungsforme schwätzen dech am meeschten un? Firwat? Wou gesäis du Méiglechkeeten a Limitte vun deene verschidden Erënnerungsformen?
- Firwat schwätzt ee vu Stolpersteng?
- Hues du schonn eng Kéier un enger Erënnerungsfeierlechkeet deelgeholl oder en Denkmal, dat vun der Juddeverfollgung zeit, besicht? Beschreif deng Andréck an der Klass.

## M2

### Aweiung vum *Monument à la mémoire des victimes de la Shoah*, 17. Juni 2018



Denkmal *Kaddish* an der Stad. D'Regierung an d'Parlament hu sech 2015 offiziell géigeniwwer der jiddescher Gemeinschaft zu Lëtzebuerg entschëllegt.

# … oder och Handelen?




**Zivilcourage:** Mutt, deen eng Persoun beweist, andeems se mënschlech an demokratesch Wäerter (z. B. Dignitéit, Gerechtegkeet) ouni Rücksicht op eventuell Konsequenzen an der Ëffentlechkeet anere géigeniwwer vertrëtt.

**De *Code pénal* zu Lëtzebuerg verbitt:**

**Rassismus:** Iddi, datt e Mënsch mat bestëmmte biologesche Charakteristiken anere vun Natur aus iwwer- oder ënnerleeë soll sinn.

—

**Diskriminéierung:** eng Benodeelegung vun eenzele Persounen oder Gruppen, jee no Hierkonft, Hautfaarf, Relioun, sexueller Orientéierung, Gesondheetszoustand asw.

**Revisionismus/ Negationismus:** Leegnung vun der Massevernichtung vun de Judden; Leegnung oder Relativéiere vun der däitscher Schold um Ausbroch vum Zweete Weltkrich; Leegnung, Hinhuelen, Verharmlosung vu Vëlkermorden oder Verbrieche géint d’Mënschlechkeet a Krichsverbriechen.

Quell: Code Pénal, Livre II, Titre VII, Chapitre V (articles 454 à 457-10).

## E puer Tipps, fir ze handelen

- Nofroen: „Wéi genau mengs de dat?“ „Wou hues de deng Informatiounen hier?“
- Mat Hannergrondwësse punkten, ouni ze beléieren
- Mat Ironie äntweren, fir deem, wat gesot gouf, de Wand aus de Seegelen ze huelen, mee ouni ze provozéieren
- Widdersprëch däitlech maachen
- Den Artikel „D’“ opléisen. Wat eng Ausso méi allgemeng ass, wat et méi schwéier ass, dogéintzehalen.
- Emotiounen uschwätzen, déi mat der Ausso verbonne sinn: „Esou kennen ech dech guer net!“
- Ech-Message schécken a Gefiller äusseren: „Dat ass nëmmen deng Meenung, ech denken, …“
- Egen Erfarungen an d’Diskussioune mat abréngen
- Ënnerstëtzung sichen: aner Persounen an d’Gespréich mat abezéien

## ODER

- Näischt maachen, et betrëfft mech net

- Lies d’Spriechblosen. Uerden se de Strofdoten am Code pénal zou.
- Sech u gëschter erënnere fuerdert haut zum Handelen op. Hues du schonn an dengem Alldag Diskriminéierung, Rassismus, Revisionismus oder Negationismus erlieft, real oder virtuell? Nenn, wa méiglech, Beispiller aus dem Alldag. Hunn anerer dir géigeniwwer Zivilcourage bewisen an dir gehollef?
- Wéi handels du, wann s du domat konfrontéiert gëss? Lies d’Tipps a kräiz un, wat fir eng Handlungsméiglechkeeten s du bevirdeelegs. Begrënn däi Choix! Wéini ass Näischtsoe sënnvoll? Wéini kann et geféierlech ginn?

# Erënneren un de Krich

Nodeems déi amerikanesch Truppe Lëtzebuerg eng éischt Kéier am September 1944 befreit haten, ass de Krich mat der Ardennenoffensiv am Wanter 1944/45 am Éislek nach eng Kéier lassgaangen. An enger vun de Schluechte vum Zweete Weltkrich, an där et am meeschten Affer goufen, ass Lëtzebuerg eng zweet Kéier befreit ginn. Zwee Zaldotekierfechter zu Hamm a Sandweiler zeie vun dëser Schluecht. Iwwer 15.000 amerikanesch an däitsch Zaldoten hunn hei hir lescht Rouplaz fonnt.

Déi eng sinn am Krich als „Befreier vun Europa“ gefall, déi aner am Numm vun enger Diktatur. Dat, wat se wärend dëser Schluecht erlieft hunn, gouf vu villen Iwwerliewenden op béide Säiten a vun Ziviliste festgehalen. Et ënnerscheet een tëschent Erfarungsberichter, déi am zäitnoe Geschéien niddergeschriwwe goufen (z. B. Anträg an Tagebicher) an deenen, déi vill méi spéit, zäitversat, als Erënnerung festgehal goufen (z. B. an Interviewe mat Zäitzeien).

## Zaldotekierfechter als Uerter vun der Erënnerung




Däitschen Zaldotekierfecht bei Sandweiler, 1952 ugeluecht. D’Kräizer aus Naturstee si mat bis zu sechs Nimm beschrëft.



*Luxembourg American Cemetery and Memorial*, 1949 ugeluecht an 1960 ageweit.

Zu Hamm um Site vum *Luxembourg American Cemetery and Memorial*, deen iwwer 21 Hektar grouss ass an amerikanescht Staatsgebitt ass; sinn iwwer 5.000 Ugehéiereger vun den US-Zaldote begruewen. E puer Kilometer ewech befënnt sech zu Sandweiler den Däitschen Zaldotekierfecht. Hei rouen am ganzen 10.913 däitsch Zaldoten, déi ënner anerem wärend der Ardennenoffensiv gefall sinn.

Kuckt iech d’Fotoen un. Bilt elo dräi Gruppen.

- Eng Grupp informéiert sech iwwer d’Ardennenoffensiv. Wéi laang huet se gedauert? Wat fir eng Bedeitung hat dës Schluecht fir Lëtzebuerg? Wéi gëtt haut nach un dës Schluecht zu Lëtzebuerg erënnert?
- Déi zweet an déi drëtt Grupp informéiert sech jeeweils iwwer ee vun deenen zwee Zaldotekierfechter. Zanter wéini gëtt et se? Firwat a fir wie goufen d’Zaldotekierfechter ugeluecht? Beschreift, wéi de Kierfecht gestalt ass. Wat fir eng Gedenkzeremonië fannen hautdesdaags do statt? Ginn et Ënnerscheeder an der Gestaltungsmanéier, wat Gewënner oder Verléierer vum Krich ugeet?
- Organiséiert eng Visitt vun den Zaldotekierfechter. Drot d’Resultater op der Plaz vir.

## Erfarungsberichter aus der Ardennenoffensiv



Den däitschen Zaldot
Erhard Mitzinnek

### Erënnerung vun engem däitsche Wehrmacht-Zaldot

D'US-Zaldoten, déi wärend den haarde Kämpf ronderëm de Café Schumann gefaange goufen, sinn ufanks Januar an eise Gefechtsstand bruecht ginn (...) Ech hat éfters d'Geleeënheet, mech mat den Amerikaner ze ënnerhalen. Schliisslech ware mir alleguerte Mënschen, déi zwar verschidden Uniforme gedroen hunn, awer am selwechte Bulli louchen an déi selwecht Suergen, Wënsch a Gedanke gedeelt hunn. (...) Ech hu se net als „Gangster“ ugesinn, wéi d'Propaganda vun den Nationalsozialisten eis dat antriichtere wollt. (...)

Gaul R., Karen F., Rockenbrod F.: Lëtzebuerg 1944-1945. Ein dokumentarischer Bildband über Befreiung und Ardennenoffensive, 1994, S. 212.

### Extrait aus dem Tagebuch vun enger Lëtzebuerger Mamm

Méindeg, de 25. Dezember 1944 (...)
Fir d'Kanner ass d'Liewen am Keller esou schéin ewéi an der Stuff. (...) Dräi däitsch Offizéier stinn an der Kichen. (...) Se gi mir an d'Stuff no. (...) De Radio läit um Bueden, a Stécker zerschloen, sämtlech Schafendiere stinn op. De Schreifdësch ass opgebrach. (...) Meng Tatta pëspert mir zou: „Do uewe sinn der nach e puer." Ech gi voller Angscht d'Trap erop. Wéi e wëlle Léiw rennt en SS op mech zou an hält mer mat der rietser Hand e Revolver widder d'Broscht, wärend en an der lénkser dräi dräifaarweg Fändelcher schwenkt. (...) Dës Fändelcher hunn d'Kanner um Joresdag vun der Onofhängegkeet gedroen, zanterhier leie se an engem Tirang. (...) All Sekonn hunn ech den Androck, den déidleche Schoss ze héieren. (...) Ech gehéieren zu menge Kanner a renne verstéiert duerch Splitter- an Zillereen iwwer den Haff an de Keller (...).

Josephine Jacques, an: Virun 60 Joer. D'Ardennenoffensiv an d'Befreiung. Texter a Biller zesummegedroen vum Mathieu Claude a Mersch Jo. Syndicat d'initiative Gemeng Bauschelt,



Di lëtzebuergesch Mamm Josephine Jacques mat hiren Duechteren



Den amerikanischen Zaldot
George Fisher

### Erënnerung vun engem amerikaneschen Zaldot


Ech hunn deemools (...) déi schrecklech Kämpf (...) am Bësch ronderëm de Café Schumann erlieft. (...) Op eemol hunn ech e schwéiere Schlag gespuert a si gefall. Mäi Been huet wéigedoen a staark gebutt. De Komerod niewent mer huet verzweiwelt no engem Sanitäter geruff. (...) Schlussendlech konnt ech verbonne ginn a sinn op enger Brëtsch bis bei de Café Schumann transportéiert ginn. (...) Ech gouf vu Komerode fir meng net liewensgeféierlecher Blessur felicitéiert, déi et mir erlaabt huet, d'Häll vun Noutem ze verloossen (...)

Gaul R., Karen F., Rockenbrod F.: Lëtzebuerg 1944-1945. Ein dokumentarischer Bildband über Befreiung und Ardennenoffensive, 1994, S. 195.

- Liest déi dräi Erfarungsberichter. Wat sinn d'Gemeinsamkeeten an d'Ënnerscheeder am Krichserliewen? Wéi stinn déi zwee Zaldoten zum Krich? Wéi erlieft d'Mamm d'Ardennenoffensiv?
- 2019 war d'Commemoratiounsfeier vum 75. Joresdag vun der Ardennenoffensiv. Sammelt Informatiounen zu follgende Froen: U wie gouf gedeucht? Wéini gouf gedeucht? Wou gouf gedeucht? Wéi gouf dat gemaach? Wéi stees du zu dëser Commemoratioun?
- Ass d'Erënneren u Schluechten ewéi d'Ardennenoffensiv ärer Meenung no wichteg? Begrënnt är Äntwerten.

# „Gestierzt“ Denkmaler


Denkmaler sinn e Produkt vun hirer Zäit. Se ginn am ëffentleche Raum opgeriicht an hir Daseinsberechtegung gëtt dacks net hannerfrot. Honnerte vu Lëtzebuerger huet et am 19. an 20. Joerhonnert an d'Kolonië gezunn, op der Sich no Perspektiven, Aarbecht oder Abenteuer. Ee vun hinne war de Lëtzebuerger Ingenieur Nicolas Cito (1866-1949) vun Nidderkäerjeng. E war ënner anerem um Bau vun der Zuchstreck Matadi-Leopoldville am Belsche Kongo bedeelegt. Fir säin Asaz gouf en zum Direkter vun der *Compagnie des Chemins de fer du Congo* ernannt. Spéider gouf hien zum Lëtzebuerger Generalkonsul zu Bréissel nominéiert. 1938 krut de Cito en Denkmal a senger Heemechtsuertschaft opgeriicht.



Arrivée vun der éischter Lokomotiv zu N'dolo (Leopoldville), gelenkt vum Ingenieur Nicolas Cito (1866-1949), 16. Mäerz 1898

**Belsche Kongo** (1885-1960): Vun 1885 bis 1908 huet de Kongo, dee räich u Gummi war, dem belsche Kinnek Leopold II gehéiert. Eréischt 1908 ass de Kongo eng belsch Kolonie ginn. Seng Herrschaft war duerch eng systematesch Ausraiberung vum Land, Zwangsaarbecht, Sklavenhandel, Verstümmelungen, Vergewaltegungen an Ermordunge gekennzeechent. De Bau vun der éischter Eisebunnslinn Matadi-Leopoldville huet et erlaabt, de Kongo wirtschaftlech ze erschléissen. Historiker ginn dovun aus, datt pro 50 Meter Zuchstreck een afrikaneschen oder chineeseschen Aarbechter ëm d'Liewe komm ass, och ënner Opsiicht vu Lëtzebuerger Ingenieuren. Bis d'Onofhängegkeet vum Kongo 1960 gouf d'Land ausgebeut an déi afrikanesch Bevëlkerung vun de Wäissen ënnerdréckt.

## Erënneren 1938, Erënneren 2020



*Fontaine Cito*, op Initiativ vum Cercle colonial luxembourgeois opgeriicht, Nidderkäerjeng 1938

EISEM
GROUSSEN
KOMPATRIOT
DEM
NICOLAS CITO
INGENE'ER,
KOLONIAL-
PIONNEIER,
GENERALKONSUL VU
LETZEBUERG,
GEBUREN ZU
NIEDERKERSCHENG,
DEN 25.1.1866
GESTUERWEN
DEN 18.06.1949

OPGERIICHT
DEN 12.6.1938






Aktioun vum Kënschtlerkollektiv *Richtung 22*, 2020

Mat der Protestwell géint Rassismus, déi vun den USA ausgaangen ass, sinn 2020 ëmmer méi Denkmaler mat Bezuch zur Kolonialzäit an dem Sklavenhandel weltwäit a Kritik geroden. Se si vum Sockel gerass ginn, mat Faarf besprayt oder ëmgestalt ginn.

## Erënneren hannerfroen

**M1**

**Interview mam Lëtzebuerger Historiker Regis Moes, 12. Juni 2020:**

„(…) Denkmaler vun all Zort sinn Deel vun der Geschicht a weisen eis, wéi d'Welt deemools war, wéi se gesi gouf a wéi mir an der Vergaangenheet vläicht falsch op eng Zäit gekuckt hunn. Et ass awer net um Historiker ze soen, ob se haut nach an den ëffentleche Raum gehéieren: Dat ass eng gesellschaftlech Debatt. Wann Denkmaler awer net méi do erwënscht sinn, sollte se an d'Lager vun engem Musée oder an eng Ausstellung, wou de Kontext erkläert gëtt. Och fir datt d'Kolonialzäit mat all hiren Aspekter net vergiess gëtt. Wou erkläert gëtt, firwat dës Denkmaler laang op enger zentraler Plaz vun enger Stad stoungen an dunn nees vun do verschwonne sinn."

Regis Moes, Vom 'Kolonial-Pioneier' und unserem Prinzen in Mosambik in: Tageblatt, 12.6.2020, S. 7.

**M2**

**Ried vum franséische President Emmanuel Macron, 14. Juni 2020:**

D'Republik wäert keng Spuer a keen Numm aus hirer Geschicht läschen. Se wäert keent vun hire Wierker vergiessen a keng Statu stierzen. Mir musse villméi zesummen eis ganz Geschicht, all eis Erënnerungen, besonnesch eist Verhältnis zu Afrika kloer an däitlech betruechten (…) mat engem Striewen no Wouerecht, ouni awer ze probéieren, ëmzeschreiwen oder ze leegnen, wat mir sinn. (…)"


le Parisien.fr

**M3**

**Ausso vum Hamburger Historiker Jürgen Zimmerer, 19. Juni 2020:**

„Ech géing [Denkmaler fir d'Kolonial- a Sklavenhandelsierwen] kippen oder op de Kapp stellen an esou d'Denkmalstierze mat Deel vum Géigendenkmal maachen. (…) Als Historiker sinn ech drun interesséiert, historesch Quellen ze kréien an dozou gehéieren dës Denkmaler natierlech, mee se musse radikal dekonstruéiert an entheroiséiert ginn, dat heescht, dat Verherrlechungspotenzial (…) muss ewechgeholl ginn, fir de Bléck fräizemaachen op d'Geschicht dohannert an zwar d'Geschicht vun der Ausraiberung, vum Rassismus, vun der Ënnerdréckung an eben och vun den Affer. (…)"

Gespréich mam Jürgen Zimmerer iwwer d'Stierze vun Denkmaler, https://www.3sat.de/kultur/kulturzeit/gespraech-mit-juergen-zimmerer-100.html, Ofruffdatum: 19.06.2020



**Huel Stellung:** Wat soll denger Meenung no mam Monument *Fontaine Cito* geschéien?

- O onverännert loossen
- O ofrappen
- O ëmgestalten (z. B. Pannoe mat Erklärungen dobäifügen)
- O aner Handlungsméiglechkeet:
- O weitere Handlungsoption:

……………………………………….
……………………………………….

- Vergläich d'Erënneren un den Nicolas Cito 1938 mam Erënneren 2020. Wien huet d'Monument zu sengen Éiere wou a wéini opriichte gelooss? Beschreif uschléissend d'Ëmgestaltung vum Monument duerch d'Kënschtlerkollektiv Richtung 22. Wéi argumentéiert d'Kënschtlerkollektiv hir Virgoensweis?
- Fokusséier dech op déi ënnerschiddlech Positiounen a Bezuch op den aktuelle kriteschen Ëmgang mat Denkmaler. Wat fir eng Roll kënnt den Denkmaler jeeweils zou? Wat fir eng Handlungsméiglechkeete gi vun deenen Eenzelen am Ëmgang mat dësen Denkmaler opgezeechent?

duerchbléck!

**Impressum**

Éditeur:
Zentrum fir politesch Bildung
Fondation d'utilité publique, RCSL G236
138, boulevard de la Pétrusse
L-2330 Luxembourg
info@zpb.lu
www.zpb.lu

Redaktiounsteam:
Véronique Krettels, Steve Hoegener, Michelle Schram

2. iwwerschaffte Rééditioun

Layout an Design:
Bakform

Bildquellen:
S. 7: Patton-Monument: © Véronique Krettels, 2020 • Nationalbibliothek: CC-BY-SA / GilPe • App „izi travel“: asti.lu • affiche de la Ville d'Esch pour le 9 mai 2022 • Rout Bréck: © Editpress / Alain Rischard • Affiche „Mos Stellarum“ © Tarantula.lu • Affiche „The Living Witness“ © Paul Thiltges Distributions 2021 © création affiche: Think Twice, Marie-Anne Theriez • Fotoalbum: CC01.0 / Visser Philips Christiaan
S. 10: Kranzniederlegung © SIP / Charles Caratini
S. 12: Banque Kirchberg © Le Républicain Lorrain / Philippe Neu • Monument pour le centenaire de l'immigration italienne au Luxembourg © Steve Hoegener, 2025 • Fatima © Editpress / Jean-Claude Ernst
S. 16: Monument du Souvenir: CC-BY-SA / Ernmuhl
S. 18: Desaix E. © Photothèque de la Ville de Luxembourg • Zerstörung *Gëlle Fra*: Inconnu • Kranzniederlegung © SIP / Charles Caratini
S. 19: Titelblatt Revue N°12, 18.03.2020 © Revue • Emoxie *Gëlle Fra*: nationbranding.lu • Flyer © mega.lu • Treffpunkt für Touristen © 2020 Luxemburger Wort: Chris Karaba • Nationalfeiertag © SIP / Charles Caratini • *Gëlle Fra* als Souvenir: © Julien Schockmel • *Gëlle Fra* Shanghai: CC-BY-SA-3.0 / Fanghong
S. 20: Chambre des députés: CC-BY-SA / Cayambe
S. 21: Europatag © Editpress / François Aussems • Nationalfeiertag © Editpress / Didier Sylvestre
S. 22: Escher Tageblatt Titelseite, 8. Mai 1945 • Gedenktafel © Michelle Schram, 2020
S. 24: *Huelen Zant*: CC-BY-2.0 / Wolfgang Staudte Otets
S. 25: Bockfels 1867: unknown author / public domain • Postkarte: CCO / Brück & Sohn Kunstverlag Meißen
S. 26: Columeta © industrie.lu • Inauguration Gare Belval-Université © rail.lu • Belval © Editpress / Pierre Matgé
S. 28: Stolperstein: CC-BY-SA / Francisco Peralta Torrejón • Denkmal Kaddish © 2020 Luxemburger Wort / Chris Karaba
S. 30: Luxembourg American Cemetery and Memorial: CC-BY-SA / Dudva • Deutscher Soldatenfriedhof Sandweiler: CC-BY-SA / Petra Klawikowski
S. 32: Ankunft der ersten Lokomotive in N'dolo: Public domain • Cito-Fontaine: CC-BY-SA-3.0-LU / self published work • Aktion des Künstlerkollektivs 2020 © Richtung 22

Um Spaweck:
www.zpb.lu

Droits d'auteur:
Text an Illustratiounen sinn duerch den Droit d'auteur geschützt. D'Material ka gratis fir den Unterrecht an der Schoul benotzt a vervillfältegt ginn.

Den ZpB assuméiert keng Responsabilitéit fir de Contenu vun Internetsäiten, op déi verwise gëtt.

ISSN 3028-8037